LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture, de la Viticulture
et du Développement rural

Administration des services vétérinaires

Laboratoire de Médecine Vétérinaire de l'Etat

Léif Juegdpächter a Jeeër,

Mir hoffen, dass Dir gutt an dat neit Joer komm sidd an dass Dir vum COVID-19 sou gutt et geet verschount bliwwe sidd.

Fir eis gutt Zesummenaarbecht nach ze verbesseren, kritt Dir hei e puer Informatiounen aus der **ASV** (Administration des Services Vétérinaires) an dem **LMVE** (Laboratoire de Médecine Vétérinaire de L 'État) betreffend d' Analysen déi mir ubidden an den Ufro Formular fir d' Analysen.

- Benotzt weg. déi **aktuell Fassung** vum "*Formulaire de Demande d' analyses*". Ugespéngelt un dëse Bréif fannt Dir och Erklärungen, wéi de Formular auszefëllen ass a wéi eng Prouwe fir d' Analyse gebraucht ginn.

https://agriculture.public.lu/dam-assets/formulaires/asv/lmve/For-Contrat-Patho.pdf

- Wann **Är Daten** nach net am LMVE hannerluecht sënn, fëllt weg. dat folgend Formular aus a mailt et op secretariat.lmve@asv.etat.lu. Anescht dierfe mir Iech leider keng Informatiounen oder Resultater schécken.

https://agriculture.public.lu/dam-assets/formulaires/asv/lmve/For-Autorisation-DET.pdf

- D' Analysen, déi am LMVE gemaach ginn, sinn am "*Synoptique des analyses en routine du LMVE*" zesummegefaasst. Do fannt Dir och, wéi eng Prouwe fir wéi eng Analyse gebraucht ginn.
  Fir Iech haaptsächlech interessant sinn d' Kapitelen:
  - *Synoptique des analyses en routine pour les **sangliers***
  - *Synoptique des analyses en routine pour les **carnivores** (renards, etc.)*

https://agriculture.public.lu/de/formulaires/animaux/laboranalysen/lmve/zusammenfassung-analysen.html

- Mir wëllen Iech och nach eemol drun erënneren, dass vun all (Wëll)Schwäin, dat fir de mënschleche Konsum bestëmmt ass, eng Trichineprouw muss geholl ginn (Art. 22 des *Règlement ministériel du 2 mars 1982 portant exécution du règlement grand-ducal du 25 février 1980 concernant le contrôle des viandes et de certaines denrées alimentaires*). D' Eenzelheeten iwwert d' Prouwe fir d' **Trichinenanalysen** fannt dir och um Landwirtschaftsportal:

https://agriculture.public.lu/de/formulaires/animaux/laboranalysen/lmve/trichinen.html

- Wéi deenen allermeeschten ënnert Iech bekannt ass, sinn eis Belsch Noperen erëm offiziell fräi vun der Afrikanescher Schwéngspescht (ASP). D 'Gefor ass allerdéngs nach net eriwwer. Am Osten vun Europa (virun allem a Polen) breet sech des Seuch weider aus. Sou ass och Däitschland

mëttlerweil betraff. Sou goufe bis zum 25/02/2021 eleng an de Bundeslänner Sachsen an Brandenburg 747 Fäll vun ASP nogewisen. Well bekannt ass, dass dës Krankheet grouss Distanzen iwwerwanne kann, gëllt et weiderhin opzepassen. Wann dir en doudegt **Wëllschwäin** fannt oder ee Wëllschwäin musst schéisse well et krank ass/ausgesäit, informéiert weg. fir d 'éischt de Fierschter doriwwer. No Récksprooch mam Fierschter, kënnt Dir eis da gäre d 'Wëllschwäin fir eng Autopsie oder Analysen an den LMVE eraschécken. Briecht et weg. net op, wann Dir e Verdacht op eng Krankheet hutt. Notéiert och weg. genee d '**Koordinaten**, wou Dir d 'Wëllschwäin fonnt/geschoss hutt. D' Opbréch vun de Schwäin sollt dir op enger vun den 10 Sammelstellen uechtert d 'Land ofliwweren:

https://environnement.public.lu/dam-assets/documents/chasse/Centres-de-ramassage-2018-accesPublic.pdf

- Leider ass d' ASP net déi eenzeg Krankheet mat där de Juegdpächter a Jeeër ze dinn huet. Sou koum et a leschter Zäit ëmmer erëm zu Fäll vu Staupe an Europa. Och zu Lëtzebuerg konnt rezent eng Infektioun mam Staupe-Virus bei e puer Fiiss nogewise ginn. Dës Krankheet, déi keng Gefor fir de Mënsch duerstellt, ka bei Hënn a Fiiss ënnerschiddlechst Symptomer ausléisen. Si gëtt duerch direkte Kontakt iwwerdroen a kann am schlëmmste Fall zum Doud féieren. Aus dësem Grond rode mir Iech Är Hënn géint Staupe impfen ze loossen. Fir weider Informatiounen zur Impfung oder allgemeng zur Krankheet kënnt der Iech un Äre Vétérinaire adresséieren. All Fuuss, deen doudeg fonnt ginn ass oder huet missen erléist ginn, soll an den LMVE geliwwert ginn fir eng Ënnersichung. Notéiert eis weg. d 'Symptomer an d' Juegdlous um Ufroformular. Ouni Juegdlous kann d 'Ënnersichung net gemaach ginn.

Bei Froen zou den Analysen, zéckt nët den LMVE ze kontaktéieren.
D' Prouwe kennt der eis op folgend Adress bréngen:

**Laboratoire de Médecine Vétérinaire de L 'État**
1, rue Louis Rech
L-3555 Dudelange

Tel: +352 2478 2544
secretariat.lmve@asv.etat.lu

Bei Froen, déi net direkt mat den Analysen zesummen hänken, biede mer iech Kontakt mat der ASV opzehuelen:

**Administration des Services vétérinaires**
7B, rue Thomas Edison
L-1445 Strassen

Tel: +352 2478 2539
info@asv.etat.lu

# Wéi fëllen ech eng Demande aus?

## Viischtsäit:

**A. DONNEES ADMINISTRATIVES**

Vétérinaire : Nom et prénom ou cachet

**Dr. Malou Grasges/ASV**
**oder**
**En aaneren Vétérinaire**

Signature: fakultativ

**Date prélèvement**: **obligatoresch**

DETENTEUR :
Nom et prénom
Rue et n°
Code postal et localité
N° Tél/GSM
Adresse mail

**Daten vum Fierschter**
**oder**
**Är Daten**

~~Numéro Sanitel~~

**B. REMARQUES** *Noter ici l'anamnèse / les analyses demandées en sous-traitance (cfr. For_synoptique_Analyses) /autres remarques*

Saachen déi iech um Wälldéier opgefall sënn (Schaum virum Mond, ronderëm tierkelen, Kapp schief halen, Kretz, Bee gebrach, ...) oder aner Opfällegkeeten (Autosaccident, geschoss well XY, ...)

**Autopsie**: wann d'Wälldéier geschoss ginn ass oder dir et dout fonnt hutt a mir eng Autopsie sollen drop man fir evtl. eraus ze fannen wourunner et gestuerwen ass oder firwat et krank war

**Diagnostic:** wann dir eis nëmmen Organer oder Blutt era schéckt a mir Är gewënschten Analysen solle man

**C. MOTIF DE L'ANALYSE**

| | | |
|---|---|---|
| ☐ Achat | ☐ Diagnostic | ☐ Vente |
| ☐ Autopsie | ☐ Exposition | ☐ Protocole avortement |
| ☐ Campagne d'analyse / Screening | ☐ Export | ☐ Autre (à spécifier) |
| ☐ Consommation | ☐ Import | ☐ Confirmation |

**Consommation**: wann d'Wälldéier fir z'iesse geduecht ass an deementspriechend Analysen sollen gemeet ginn (Trichinnen)

## D . ORIGINE DU MATERIEL ENVOYE

| **D1. Espèce domestique** | | | | Spécifier |
|---|---|---|---|---|
| ☐ Bovin | ☐ Caprin | ☐ Equidé | ☐ Autre (à spécifier en case D1_A) | **D1_A** |
| ☐ Porcin | ☐ Ovin | ☐ Poisson | ☐ Volaille (à spécifier en case D1_V) | **D1_V** |

| **D2. Gibier / Espèce sauvage** | | | Spécifier |
|---|---|---|---|
| Espèce | **Wëllschwäin, Fuuss, Réi,...** | ☐ Autre (à spécifier en case D2_A) | **D2_A** |

☐ Abattu ☐ Trouvé mort Date **obligatoresch** Lieu **obligatoresch** Lot de chasse **obligatoresch**

**D3. Aliment**

Ref DAV

Récksäit:

**F. ANALYSES DEMANDEES** *Les analyses marquées par * sont accréditées*

**Analyses sérologiques (analyses sur lait non accréditées)**

| Bovin | Ovin/Caprin | Porcin |
|---|---|---|
| ☐ Brucellose* | ☐ Brucellose* (*Brucella melitensis*) | ☐ Aujeszky* |
| ☐ IBR * | | ☐ Brucellose* |
| ☐ Leucose Bovine * | | ☐ Salmonellose* |
| ☐ Paratuberculose * | | ☐ Peste Porcine Classique* Uniquement porcs domestiques |

Porcin (Aujeszky*, Brucellose*) → Blutt

**Analyses parasitologiques**

| | | | |
|---|---|---|---|
| ☐ Coccidies | ☐ Trématodes | ☐ Vers intestinaux | ☐ Vers pulmonaires |
| ☐ Trichines* | ☐ Varroa | ☐ Autre (à spécifier) | |

Trichines* ← Zwerchfell
oder
Muskel vum viischte Been
→ 50 - 150 Gramm

**Recherche par immunofluorescence sur organes**

☐ Aujeszky ☐ Chlamydia ☐ IBR ☐ PI3 ☐ RSV ☐ Rage*

Aujeszky ↓ Mandelen (Amygdale)

Rage* ↓ Kadaver Gehir

## G. IDENTIFICATION DU MATERIEL ENVOYE

*Si le nombre de prélèvements est plus important, joindre le formulaire "LISTE" en Annexe 1.*

**Type de prélèvement** *(reprendre les 3 lettres d'abréviation dans le tableau ci-dessous)*

**AVO** = Avorton - **BIP** = Biopsie - **CDV** = Cadavre - **DPH** = Diaphragme - **FEC** = Matières fécales - **FRO** = Frottis - **LAC** = Lait - **ORG** = Organe ** - **SER** = Sang - **SNG** = Sang non coagulé - **AUT** = Autre **

** à spécifier dans la colonne "Remarques"

*** Préciser : **Av dr** = Avant droit - **AV gch** = Avant gauche - **AR dr** = Arrière droit - **Ar gch** = Arrière gauche

| | Identification (OBLIGATOIRE) | Type prélèv. (3 lettres) | Age | Sexe (M/F) | ***Quartier (lait) | **Remarques |
|---|---|---|---|---|---|---|
| 1 | Identifikatioun (SF, SM ...) | CDV, DPH, SER, AUT | | | | z.B. Muskel viischt Been |
| 2 | | | | | | |

## Wéi verpaken ech Prouwen?

Bréngt d’ Prouwe weg. esou **frësch** a **séier** wéi méiglech an am beschten **gekillt**, an den LMVE. All Prouwe musse **propper** an **dicht** verpaakt ginn. Weg. **keng** Prouwe mat der Post schécken.

Prouwen, di net konform verpaakt sinn (ausgelaf oder dreckeg, net beschrëft,...), gi net analyséiert an direkt éliminéiert. An dësem Fall kritt Dir eng Noriicht vun eis.

- **Blutt** gehéiert an ee Bluttréierchen (roude Stopp) mat enger Identifikatioun:




- **Zwerchfell, Muskel, Mandelen, Mëlz** oder **aner Stécker** gehéieren an een Plastikbecher (**NËT** Glas) mat Schraufverschloss:




- **Kadaver**: dicht an am beschten an enger Tut oder Baatsch verpaakt/agewéckelt. D’ Kadavere weg. ëmmer nëmme mat Händchen upaken.

Wa Froe sinn, rufft eis un, mir hëllefe gär weider.